




CONSEIL D'ADMINISTRATION

Carole Clemens, Présidente
Ben Seil, Vice-Président
Emmanuelle Wener, Vice-Présidente
Samantha Lizardo, Trésorière
Monique Schoeben, Trésorière adjointe
Nicolas Hirtt, Secrétaire
Claudine Weber, Secrétaire adjointe

RESPONSABLE SPONSORING

Alain Goedert



INITIATIVGRUPP

75 JOAR

MAACHER DRAUWEFEST

Tess Burton, Présidente
Jean-Paul Urwald, Secrétaire
Romain Asselborn
Gilles Estgen
Anne Haas
Carine Majerus
André Ney
Claude Schmit
Claire Sertznig
Pol Streng
Pitt Wagner
Michèle Wolsfeld

B.P. 5
L-6701 Grevenmacher
T. +352 75 03 11-23 ou 27
info@waifest.lu
waifest.lu

Gréiwemaacher, den 3. März 2025

Betrëfft: Ënnerstëtzung fir déi 75. Editioun vum Maacher Drauwen- a Wäifest

Madamm, Monsieur,

Am Joar 2025 feiere mir 75 Joar Comité des Fêtes (CFG), 75 Joar Maacher Drauwen- a Wäifest, a 75 Joar Lëtzbuerger Wäikinnigin. Et gëtt deemno e ganz wichtegt Jubiläumsjoar fir den CFG. Fir dat uerdentlech ze feiere gouf och en Initiativgrupp 75 Joar (IG75) agesat, fir am Laf vum Joar, nieft dem eigentleche Wäifest, eng Rei flott Aktivitéiten am Kontext vun dësem Anniversaire z'organisieren.

Hei den aktuellen Iwwerbléck vun den Aktivitéiten:

- 27.04.: Konferenz „Auswanderung von der Mosel in die USA“ - am Osburghaus;
- vum 25.04. un.: Open-Air Ausstellung „75 Joar mat de Kondschafter ënnerwee“ ënnert dem Patronage vun der Kulturkommissioun
- 28.06.: „75 Schrëtt am Paradäis“ - E flotte Quizrallye mat Spiller fir jiddereen, duerch d'Maacher Wéngerten bis bei d'Kräizkapell
- 27.08.: Wäifest Warm-Up Afterwork um Maacher Beach
- 12.09.: Kréinung vun der 75. Lëtzbuerger Wäikinnigin Jill - am Machera;
- 13.09.: Musikalesch Animatioun a grousst Freedefeier „Wine Spirits“ - laanscht d'Musel;
- 14.09.: Folkloristeschen a musikaleschen Ëmzuch - dorrech Maacher;
- 12.10.: Filmnomëtteg „Maacher a Maacher Leit“ - am Machera;
- 16.11.: Ofschloss vun de Feierlechkeeten & Concert vun der Militärmusek zesumme mam Georges Urwald an Debbie Marinkovic - am Machera.

Och bréng mir e Gëlle Bouch eraus, wat am November 2025 wäert presentéiert ginn, a wou en historesche Réckbléck an 3 Kapitel: Comité des Fêtes - Maacher Wäifest - Wäikinniginnen, gemaach wäert ginn.

Wann dir déi sëllegen Aktivitéiten vum CFG bzw. dem IG75 wëllt ënnerstëtzen, da kënt Dir eem vun ise Comitéen *) duerch e finanzielle Bäitrag bäitrieden.

Hei fannt Dir déi jeeweileg Tariffer:

- Member vum «Comité Donateur» ab 25 €
- Member vum «Comité d'Honneur» ab 50 €
- Member vum «Comité de Patronage» ab 75 €
- Member vum «Club 100» ** ab 100 €

*) All d'Memberen vun eise Comitée ginn an iser Broschür vum 75. Drauwen- a Wäifest publizéiert.

**) D'Membere vum „Club 100“ kréien dat Gëlle Bouch vum 75. Anniversaire gratis.

Bezuel wégl. dee gewünschte Bäitrag op een vun ise Bankkonten, ënnen op der Säit, mat dem Betreff „Wäifest 2025“, oder bezuel direkt iwwer PAYCONIQ mat Hëllef vum QR-Code.

De Verwaltungsrot vum Comité des Fêtes an d'Memberen vum Initiativgrupp 75 Joar, soen lech elo scho villmools Merci fir Är Ënnerstëtzung an Är Präsenz bei isen Aktivitéiten.

Fir den Initiativgrupp 75 Joar,

Tess BURTON
Presidentin

Fir de Comité des Fêtes,

Carole CLEMENS
Presidentin

BCEE LU 46 0019 8000 0900 7000
BILL LU 43 0027 1190 5570 0000
BGLL LU 48 0030 0896 2531 0000

CCRA LU 29 0090 0000 0016 7387
CCPL LU 41 1111 0566 1665 0000

